# Eist Labyrinth ass keen Irrgäertchen



D'Labyrinth vun der EAS inspiréiert sech um Labyrinth an der gothescher Kathedral vu **Chartres**. Dëst gouf 1216 geluecht. An der Mëtt ass eng Blumm an am Grondrëss erkennt een e Kräiz.

A ganz ville Kathedrale kann een dëse chrëschtleche Modell aus dem Mëttelalter fannen.



D'Urform vum Labyrinth gëtt **klassescht oder kretescht Labyrinth** genannt.
Déi eelsten haut bekannte Labyrinther goufe ronderëm d'Mëttelmier entdeckt. Eng Zeechnung op enger Lehmtafel gëtt op c. 1200 v. Chr. datéiert.

Zanter Joerdausende gëtt dëst Symbol benotzt – an et fënnt een et a ganz ville verschiddene Kulturen op der ganzer Welt.
Archäologesch Beispiller si bekannt aus Europa-Asien (Mëttelmierraum, iberesch Atlantikküst, England, Skandinavien, Russland, Persien, Afghanistan, Indien an Indonesien, …) an Nordamerika (bei den Hopi, Navajo, Pima, …).

**D'Labyrinth huet keng Irrweeër a keng Sakgaassen !**
De Wee féiert ëmmer an d'Mëtt – me e féiert hin an hier, no Bannen an no Baussen. An der Mëtt muss een Ëmdréien.

**D'Haaptsymbolik vum Labyrinth ass de Wee vum Liewen.**



*Wer ein Labyrinth betritt, hat das Ziel bereits vor Augen. Die Distanz scheint nur kurz zu sein. Doch der Weg führt um die Mitte herum, und dann sogar immer weiter weg, hinaus in die Wirrungen des Labyrinths. Langsam stellt sich die Frage ein, ob man überhaupt noch auf dem richtigen Weg ist, ob es noch sinnvoll ist, weiterzugehen, wo das Ziel doch schon längst aus den Augen verloren ist. Irgendwann gelangt man praktisch dort an, von wo man aufgebrochen ist. Kein Fortschritt ist zu erkennen. Weit ist man gegangen, und nun ist man wieder (fast) beim Punkt Null, beim Ausgangspunkt. Aber jetzt biegt der Weg wieder zur Mitte. Und dann, auf einmal, unvermutet schnell ist man am Ziel.*

*Die Distanz zwischen Ausgangspunkt und Ziel misst bei gotischen Kirchenlabyrinthen etwas über 6m. Tatsächlich legt man ca. 240m zurück. Der Weg ist vierzigmal länger. Und es gibt auf diesem Weg keine Abkürzungen. Es muß alles gegangen, alles erfahren sein. […]*

*Das Labyrinth ist ein Hinweis darauf, dass der Weg des Menschen zu seiner eigenen Mitte ein anspruchsvoller Weg ist. Rasch und billig ist hier nichts zu haben. Wer wirklich sich selbst, den Sinn des Lebens, Gott erfahren will, der muß wissen, dass er sich auf etwas einläßt. Ohne die Bereitschaft, den Weg mit all seinen Kehren und in seiner ganzen unbekannten Länge auf sich zu nehmen, geht nichts.*

*Das Labyrinth ist ein Symbol des Lebens. Auch wenn das Leben geprägt ist von Unvollkommenheit, Leid, Entfremdung, Verwirrung, Erfolglosigkeit und Durststrecken, das Labyrinth ist eine Ermutigung und eine Einladung, sich auf den Weg zu machen. Es will ermutigen, zu gehen und weiterzugehen, weil es ein Ziel gibt: Am Ende des Weges wartet die Mitte*.

**faarwegt Labyrinth :** Handschrëft vu Sankt Gallen (Schwäiz, 9. Jh.)

**All aner Infos a Biller aus :**

Gernot Candolini, *Labyrinthe. Ein Praxisbuch zum Malen, Bauen, Tanzen, Spielen, Meditieren und Feiern*, Augsburg, 1999, Pattloch Verlag.

Gernot Candolini, *Labyrinth. Wege der Erkenntnis und der Liebe*, Claudius Verlag, 2006.

Aktualiséierungen op : https://www.labyrinthe.at/

# Spill am Labyrinth
# « Sech Begéinen »



**Spill fir op d'manst 3 Leit**

**max. 6 Leit**

Déi 1. Persoun geet an d'Labyrinth.

1 Minutt méi spéit geet déi 2. Persoun ran ;

rëm eng Minutt méi spéit dann déi 3. Persoun ;

etc.

Jidderee geet sou séier wéi hien/hatt wëllt.


Et dierf een NET stoe bleiwen !

All Kéiers wann 2 Leit sech begéinen, soe si sech « Moien » an/oder si gi sech d'Hand.

**Froen :**

- ☺ Wie kann déi meeschte Leit begréissen ?
- ☺ Wéi dacks begéint een déi selwescht Leit rëm ?

# Übung am Labyrinth
# « Mäi Schatz »



**Material (selwer organiséieren) :**

(Schatz)Këscht, Käertercher, Schreifgeschier/Faarwen

An der Mëtt vum Labyrinth steet eng eidel « Schatzkëscht ».

Dernieft leien eidel Käertercher + Schreifgeschier/Faarwen.

## Eenzel-Übung :

E Participant nom aneren geet an d'Labyrinth.

Hien/Hatt kritt 1 Fro mat op de Wee (kucken, wat passt < Alter, Stëmmung, allgemengt Thema, …) :

- ♥ Wat ass de Schatz an dengem Liewen ?
- ♥ Wat ass ganz wichteg an dengem Liewen ?
- ♥ Wat dréis du an dengem Häerz ?

An der Mëtt schreift / moolt hien/hatt säi Schatz op eng Käertchen a leet se an d'Schatzkëscht. A geet rëm roueg aus dem Labyrinth.

> → De Rescht vum Grupp soll parallel eng aner Aktivitéit maachen, soss gëtt ett hinne langweileg + si stéieren de Gang duerch d'Labyrinth.

## Iwwerleeung am Grupp :

Wa jidderee säi Schatz an d'Këscht geluecht huet, kann de ganze Grupp zesummen iwwerleeën, wéi eng Sort Schätz et gëtt.

D'Schatzkëscht gëtt an d'Mëtt vum Grupp gesat.

1 Chef/Cheftaine stellt Froen iwwert Schätz (cf. hei drënner).

Wann déi Ausso op engem säi Schatz zoutrëfft, geet hien/hatt e Schratt méi no bei d'Schatzkëscht an d'Mëtt. Bei wiem et net passt, dee bleift stoen.

[Froen : Les Scouts, Carte SensAction *être avoir*]

*a.* *Däi Schatz huet vill Sue kascht.*

*b.* *Däi Schatz ass ganz schéin. Du kucks e gären.*

*c.* *Däi Schatz ass ganz praktesch. Du kanns en ëmmer gutt gebrauchen.*

*d.* *Däi Schatz deet dech Lachen a mécht dir Spaass/Freed.*

*e.* *Du hues däi Schatz scho ganz laang.*

*f.* *Däi Schatz huet deng Lieblingsfaarw.*

*g.* *Däi Schatz mécht datt däi Liewe méi einfach, méi liicht, méi agréabel ass.*

*h.* *Däi Schatz erënnert dech un een oder eent, deen's oder dat's du gär hues.*

*i.* *Däi Schatz kanns du Iessen.*

*j.* *Däi Schatz krus du vun dengen Elteren oder soss Famill geschenkt.*

k. *Déi aner si jalous op dech a wëllen och däi Schatz hunn.*

l. *Du hues scho mat dengem Schatz geschwat.*


Als Ausklang kann een dësen Text aus der Bibel huelen (Mt 6,19-

> *Sammelt euch nicht Schätze hier auf der Erde, wo Motte und Wurm sie zerstören und wo Diebe einbrechen und sie stehlen,*
> *sondern sammelt euch Schätze im Himmel, wo weder Motte noch Wurm sie zerstören und keine Diebe einbrechen und sie stehlen !*
> *Denn wo dein Schatz ist, da ist auch dein Herz*.

# Übung am Labyrinth
# « Eis Zäit ass wéi eng Blumm »

**Material (selwer organiséieren) :**

Pabeier / Kopie vun der Blumm (cf. Annexe),
Schreifgeschier/Faarwen, Scheier
Schossel/Biitche mat Waasser
Instrument : Xylofon, Reestaf, Klangschuel, …



**Aleedung :** Erzielen – Extrait aus der Geschicht « Momo » vum Michael Ende. Cf. Annexe. D'Momo gëtt vum Meeschter Hora dohinner gefouert, wou seng Zäit hierkënnt. Hatt gesäit, wéi ronderëm e Weier eng schéi Blumm no där aner opgeet a rëm verblitt.

**Virbereedung vun der Übung :** jidderee schneid 1 Blumm raus. Op dës Blumm, soll een dat schreiwen, fir deen/dat e sech wëllt extra Zäit huelen. D'Blumm ka gefierwt ginn. D'Bléieblieder vun der Blumm ginn zesumme gefaalt.

**Übung zu 2 :**

An der Mëtt vum Labyrinth steet eng Schossel oder Biitche mat Waasser.

E Participant nom aneren geet an d'Labyrinth an hëlt seng Blumm mat an d'Mëtt. Ënnerwee soll hien/hatt un deen/dat denken, fir deen hien/hatt sech wëllt extra Zäit huelen.

An der Mëtt gëtt déi zesummegefaalte Blumm op d'Waasser gesat.

De Participant waard wat elo geschitt (= d'Blumm faalt hir Bléieblieder op).

Wie wëllt, léist seng Blumm an der Mëtt niewent der Schossel leien.

[Soss : d'Blumm selwer mathuelen].

Iwwerdeems kann eng 2. Persoun eng roueg Musik spille fir deen, dee grad am Labyrinth ënnerwee ass.

| |
|---|
| → De Rescht vum Grupp soll parallel eng aner Aktivitéit maachen, soss gëtt ett hinne langweileg + si stéieren de Gang duerch d'Labyrinth. |

# 2 Meditatiounen am Labyrinth



## « Einfach » sou… :

- ✓ Géi de Wee duerch d'Labyrinth.
- ✓ Géi an dengem Rythmus.
- ✓ Loss dech ganz op de Wee an.

---



## mat Hëllef vun enger Fro :

- ✓ Sich eng Fro raus déi fir dech passt.

  Lies d'Fro a Rou.

  **oder :**

  Iwwerlee dir eng Fro, déi dech am Labyrinth begleede soll.
- ✓ Géi däi Wee duerch d'Labyrinth – an dengem Rythmus.



**Wgl. ëmmer 1 Persoun alleng.**

# Impulser fir ënnerwee

**1. Wat wëll ech erreechen ?**

- **bei de Guiden a Scouten ?**
- **a mengem Liewen ?**

---------------------------------------------------------------------------------------------------------

**2. Wat ass mäin Zil ?**

**Wouhi sinn ech ënnerwee ?**

---------------------------------------------------------------------------------------------------------

**3. Mat wiem wëll ech ënnerwee sinn ?**

**Wie soll/dierf mech op mengem Wee begleeden ?**

---------------------------------------------------------------------------------------------------------

**4. Wat lenkt mech of ?**

---------------------------------------------------------------------------------------------------------

**5. Wat ass wierklech wichteg fir mech ?**

---------------------------------------------------------------------------------------------------------

**6. Wat feelt mir op mengem Wee ?**

---

- ✓ Wéi war bis lo mäi Wee bei de Guiden a Scouten ?
- ✓ Wéi eng Impulser krut ech ? Wéi eng Leit hunn ech begéint ?
- ✓ Wéi eng Erfahrungen hunn ech gemaach a wéi hu si mäi Wee beaflosst ?

## Oder een vun den Texter:

- BP, *Geschicht vun der Eechel an der Eech*.
- Rainer Maria Rilke, *Über die Geduld*.
- Momo

| | |
|---|---|
| 1. Wat wëll ech erreechen ?<br>➢ bei de Guiden a Scouten ?<br>➢ a mengem Liewen ? | 1. Wat wëll ech erreechen ?<br>➢ bei de Guiden a Scouten ?<br>➢ a mengem Liewen ? |
| 2. Wat ass mäin Zil ?<br>Wouhi sinn ech ënnerwee ? | 2. Wat ass mäin Zil ?<br>Wouhi sinn ech ënnerwee ? |
| 3. Mat wiem wëll ech ënnerwee sinn ?<br>Wie soll/dierf mech op mengem Wee begleeden ? | 3. Mat wiem wëll ech ënnerwee sinn ?<br>Wie soll/dierf mech op mengem Wee begleeden ? |
| 4. Wat lenkt mech of ? | 4. Wat lenkt mech of ? |
| 5. Wat ass wierklech wichteg fir mech ? | 5. Wat ass wierklech wichteg fir mech ? |
| 6. Wat feelt mir op mengem Wee ? | 6. Wat feelt mir op mengem Wee ? |
| Wéi war bis lo mäi Wee bei de Guiden a Scouten ? | Wéi war bis lo mäi Wee bei de Guiden a Scouten ? |
| Wéi eng Impulser krut ech ? Wéi eng Leit hunn ech begéint ? | Wéi eng Impulser krut ech ? Wéi eng Leit hunn ech begéint ? |
| Wéi eng Erfahrungen hunn ech gemaach a wéi hu si mäi Wee beaflosst ? | Wéi eng Erfahrungen hunn ech gemaach a wéi hu si mäi Wee beaflosst ? |
| Wéi war bis lo mäi Wee bei de Guiden a Scouten ? | Wéi war bis lo mäi Wee bei de Guiden a Scouten ? |
| Wéi eng Impulser krut ech ? Wéi eng Leit hunn ech begéint ? | Wéi eng Impulser krut ech ? Wéi eng Leit hunn ech begéint ? |
| Wéi eng Erfahrungen hunn ech gemaach a wéi hu si mäi Wee beaflosst ? | Wéi eng Erfahrungen hunn ech gemaach a wéi hu si mäi Wee beaflosst ? |
| 1. Wat wëll ech erreechen ?<br>➢ bei de Guiden a Scouten ?<br>➢ a mengem Liewen ? | 1. Wat wëll ech erreechen ?<br>➢ bei de Guiden a Scouten ?<br>➢ a mengem Liewen ? |
| 2. Wat ass mäin Zil ?<br>Wouhi sinn ech ënnerwee ? | 2. Wat ass mäin Zil ?<br>Wouhi sinn ech ënnerwee ? |
| 3. Mat wiem wëll ech ënnerwee sinn ?<br>Wie soll/dierf mech op mengem Wee begleeden ? | 3. Mat wiem wëll ech ënnerwee sinn ?<br>Wie soll/dierf mech op mengem Wee begleeden ? |
| 4. Wat lenkt mech of ? | 4. Wat lenkt mech of ? |
| 5. Wat ass wierklech wichteg fir mech ? | 5. Wat ass wierklech wichteg fir mech ? |
| 6. Wat feelt mir op mengem Wee ? | 6. Wat feelt mir op mengem Wee ? |

# Über die Geduld

Man muss den Dingen die eigene, stille, ungestörte Entwicklung lassen,
die tief von innen kommt und durch nichts gedrängt
oder beschleunigt werden kann,
alles ist austragen – und dann gebären…

Reifen wie der Baum, der seine Säfte nicht drängt
und getrost in den Stürmen des Frühlings steht,
ohne Angst dass dahinter kein Sommer kommen könnte.
Er kommt doch!

Aber er kommt nur zu den Geduldigen, die da sind, als ob die Ewigkeit vor ihnen läge, so sorglos, still und weit…
Man muss Geduld haben mit dem Ungelösten im Herzen,
und versuchen, die Fragen selber lieb zu haben,
wie verschlossene Stuben, und wie Bücher, die in einer fremden Sprache geschrieben sind.

Es handelt sich darum, alles zu leben.
Wenn man die Fragen lebt, lebt man vielleicht allmählich, ohne es zu merken eines fremden Tages in die Antworten hinein.

***Rainer Maria Rilke***

**Die Moral der Eichel und der Eiche**

Möge 1929 dir Glück bringen , und wenn deine Chancen noch so gering scheinen, denk daran – sie können sich erweitern, es ist nicht hoffnungslos.
Aus winzig kleinen Atomen entstehen Atolle und Eicheln wachsen zu riesigen Bäumen (Eichen) heran.
Die Pfadfinderplanze, die auf der Insel Brownsea ausgesät wurde, hat ihre Zweige über die Meere ausgebreitet.
Im nächsten August wird sie erwachsen (grossjährig) und hält ein fröhliches Jamboree ab, bei dem sich Jungs (Pfadfinder*innen) aus der ganzen Welt treffen, damit du und die ganze Welt es sehen könnt.
Dies alles deutet darauf hin, dass wenn du aus kleinen Schritten eine grosse Kombination machst, du das erreichen wirst, was wir dir jetzt am meisten wünschen – Erfolg in 1929

*Olave Baden Powell* *Robert Baden Powell*

## Labyrinth
## Wat ass an der Këscht ?

1. Labyrinth op enger Baatsch
   Gréisst : 10m x 10 m
2. Piquets
3. Beschreiwung vum Labyrinth
   (Geschicht, Symbolik, …)
4. Beschreiwunge
   vun de Spiller an Übungen



Fir dass Du an däi Grupp vill Freed mam Labyrinth hues,
genee wéi déi Leit déi et an Zukunft gebrauche wëllen :

- ✓ Sicht eng gutt Plaz fir d'Baatsch ze leeën
  = riicht
  = ouni Steng oder Äscht oder soss spatz Saachen déi d'Baatsch futti maachen a wéi dinn un de Féiss
- ✓ Maach d'Baatsch wgl. mat de Piquets fest op den Ecker + an der Mëtt vun all Säit.
- ✓ Do wgl. deng Schung aus fir duerch d'Labyrinth ze goen.
- ✓ Wa se naass gëtt, gëtt se rutscheg !
- ✓ Botz se wgl. ënnen drënner
  fir datt net zevill Knascht / Nätzt agepak gëtt.

**Merci** 😊

Mir wënschen Dir an dengem Grupp
vill Freed an flott Erfahrungen !